Une vingtaine de personnes avaient pris part à la randonnée 2016, organisée par le Syndicat d'Initiative d'Erpeldange/Sûre. Partant du parc du château vers Burden, les randonneurs ont traversé le « Schlassbësch » pour enfin atteindre la « Haardt » à Ettelbruck avant de retourner au parc du château où ils eurent droit au verre de l'amitié offert par le comité du Syndicat d'Initiative.



## Maart am Schlasspark [12.06.2016]

### Marché au parc du château



# Aktivitéiten a Manifestatiounen

## Activités et manifestations



**Floumaart [18.06.2016]**

### **Marché aux puces**

Op Invitatioun vum Syndicat d'Initiative vun Ierpeldeng/Sauer haten net manner wéi 40 Aussteller dovun de Gros aus eiser Gemeng- um 1. Floumaart um Camping Gritt zu Angelduerf deelgeholl. Wann d'Wieder deen Dag och net matgespilt huet, sou waren d'Aussteller mat dëser éischter Editioun dach méi oder manner zefritten. Vill al Saachen, vu Kaffistasen iwwer Bicher, Bijouen a Sammelobjekter hunn deen Dag een neie Proprietär fonnt.

Gegrillt gouf vun der Equipe vum Camping a fir d'Kaffisstuff war de Syndicat zoustänneg, sou dass fir lessen a Gedréngs gesuergt war.

Den Erléis vum Syndicat- Aschreiwung a Recette vum Verkaf- ass fir ee gudden Zweck.



Une quarantaine d'exposants - en majeure partie des citoyens de la commune - ont animé le premier marché aux puces organisé par le Syndicat d'Initiative au Camping Gritt à Ingeldorf. Bibelots, livres, bijoux, objets de collection- il y en avait pour tous les goûts et à des prix imbattables.

Exposants et visiteurs trouvaient de quoi assouvir leur faim au grill du camping et au coin de pâtisserie du Syndicat d'Initiative.

La recette du Syndicat d'Initiative sera pour une œuvre sociale.



## Centenaire Edmond Lux [19.06.2016]

An enger sympathescher Feier huet d'Gemeng Ierpeldeng/Sauer den 19. Juni un den Edmond Lux erënnert, deen den 18.6.1916 zu Ierpeldeng op d'Welt koum.

Den Edmond Lux war Konschtprofesser, Sculpteur, Grafiker a Moler an huet net némmen a senger Heemechtsgemeng, mee och op nationalem Plang, eng Rei impressionant Konschtwierker geschaf.

D' Kulturkommissioun huet fir de Centenaire vum Edmond Lux eng Brochure erausginn, eng Ausstellung mat Fotoe vu senge Wierker, Dokumentatioun, Biller, Konschtobjeten an enger Serie al Fotoe vun Ierpeldeng a senge Bierger huet d'Liewen an d'Schaffe vum lokale Kënschtler beschtens illustréiert.

Mat engem Wanderwee, « Sentier culturel Edmond Lux » huet de Syndicat d'Initiative säi Grënnungspresident gewierdegt. Dëse Sentier féiert laanscht di wichtigst Monumenter, déi de Kënschtler an der Ierpeldenger Gemeng geschaf huet.

A Presenz vun enger Rei Éieregäsch an der Famill vum Edmond Lux gouf de Sentier vum Frank Kuffer, Vizepresident vum Syndicat an dem Carlo Lux inauguriert.



Duerno huet den Här Nico Kneip, President vun der Kulturkommissioun, am Schlass d'Brochure : « Edmond Lux- Liewe fir d'Konscht-Vivre pour l'art » an d'Expositioun mat de Wierker vum Edmond Lux presentéiert. Den Här Robert Bohnert, fréieren Direkter vum LCD, wosst eng Rei flott Anekdoten iwwer de « Professeur d'artistique et esthétique » ze verzielen; déi al Fotoen aus der Gemeng haten et besonnesch den Ierpeldenger Bierger ugedoen, déi



# Aktivitéiten a Manifestatiounen

## Activités et manifestations

dorop sech selwer, Famill, Frënn a Bekannten a jonke Joren erëmfonnt hunn.

Mam Éierewäin, deen d'Gemeng offréiert huet, ass di kleng Feier ausgeklongen.

(Weider Informatiounen fannt Dir an der Rubrik : « Aus eiser Geschicht » Säiten 39-41 )

**D'Brochure an d'Wanderkaart kënne gratis an der Gemeng ofgeholl ginn.**

**La brochure et le topguide sont à obtenir gratuitement auprès de l'administration communale.**

En présence des notabilités locales, de la famille de l'artiste et de nombreux invités d'honneur, la commune d'Erpeldange/Sûre a fêté le centenaire de Monsieur Edmond Lux, professeur d'éducation artistique, sculpteur, graphiste et peintre qui a vu le jour à Erpeldange, le 18.6.1916.

Edmond Lux a créé une série d'impressionnantes œuvres d'art non seulement dans sa commune natale mais aussi sur le plan national.

Pour son centenaire, la commission de la culture a honoré l'artiste local par l'édition d'une brochure: « Edmond Lux-Liewe fir d'Konscht/ Vivre pour l'art » ainsi que par une exposition retraçant l'œuvre de l'artiste.

Le Syndicat d'initiative a rendu hommage à son président fondateur par un « Sentier culturel Edmond Lux », sentier qui englobe les œuvres les plus importantes de l'artiste dans son village natal.

(Voir aussi « Page historique » pages 39-41 )



Nationalfeierdag [22.06.2016]

Fête Nationale



### Vakanzenaktivitéiten [07.2016]

#### Activités de vacances

D'Maison-Relais Sauerschlass huet och dëst Joer keng Efforte gescheit fir de Kanner villsäiteg an interessant Vakanzenaktivitéiten ze bidden. Nieft schéinen Dages-Tier mam Vélo, an de Kloterpark oder an d'Kannerstad Mini-Lénster stoung och een Ausfluch vun 3 Deeg um Berduerfer Camping um Programm. Wéi der un de Fotoe gesitt, war d'Freed grouss. Een häerzleche Merci un d'Equipe vun der Maison Relais!

La maison-relais « Sauerschlass » n'a pas mâché ses efforts pour offrir un programme diversifié et intéressant d'activités de vacances à nos enfants. A part les excursions à vélo, au parc d'escalade et à la ville « Mini-Lénster » gérée par les enfants, les activités de vacances trouvaient leur apogée dans un séjour de trois jours au camping à Berdorf. Au vu des images, le plaisir fut complet.

Un grand merci à l'équipe de la maison-relais.



**Concert vun der Concordia um Camping [14.07.2016]**  
**Concert de la société de musique „Concordia“ au camping**



**Last Summer Dance**  
[27.08.2016]

Am 27. und 28. August war das Last Summer Dance Festival für seine vierte Ausgabe wieder zu Gast im „Schlosspark“ in Erpeldingen. Das Musik- und Kunstfestival bot über zwei Tage ein sehr vielfältiges und abwechslungsreiches Programm für Jung und Alt: Live Musik auf zwei Bühnen mit Bands aus dem In- und Ausland, eine Kunstausstellung, sehr gut besuchte Workshops und Diskussionsrunden sowie interessante Filmvorführungen. Ein handwerklicher Markt und ein



# Aktivitéiten a Manifestatiounen

## *Activités et manifestations*



Fußballturnier vervollständigten das Programm. Neu bei dieser Ausgabe war das Projekt "Bridges Not Borders", welches mit dem Ziel ins Leben gerufen wurde, den Austausch zwischen lokaler Bevölkerung und Asylsuchenden zu fördern. Außerdem machte ein Theater-Projekt der Philharmonie in Zusammenarbeit mit einer Flüchtlingsgruppe Station auf dem Festival. Auch das kurze Gewitter am Samstagabend hatte keinen Einfluss auf die ausgelassene Stimmung der

Festivalbesucher, die bis spät in die Nacht sangen, tanzten und eine gute Zeit hatten.

Die Organisatoren bedanken sich ganz herzlich bei der Gemeinde Erpeldingen und dem SNJ für die Unterstützung, sowie bei den rund 1000 begeisterten Besuchern und allen Beteiligten und Freiwilligen, die zum Erfolg des Festivals beigetragen haben.

Für weitere Informationen: [www.lastsummerdance.lu](http://www.lastsummerdance.lu) oder [contact@lastsummerdance.lu](mailto:contact@lastsummerdance.lu)



### „Aktioun Léppestëft“ [03.08.2016] „Action Rouge à lèvres“

D'Chancëgläichheetskommissioune vun der Gemeng Ierpeldeng/Sauer a vun der Nordstad soen lech villmools Merci fir Är generéis Ënnerstëtzung bei der „Aktioun Léppestëft“, déi mir am Kader vum internationale Fraendag organiséiert hunn.

Mir konnten 113 gutt gefüllten Toiletteposchen un di Dammen a jonk Meedercher an de Flüchtlingsstrukture vun der Nordstad zu Ettelbréck, Dikrich an am Mariendall verdeelen.

Si hunn sech all immens iwwer dëse Geste gefreet.



#### Bilan vun der Quête:

Total Nordstad : 7 460 €, dovun zu Ierpeldeng/Sauer : 950 €. Nieft den Nordstadgemengen haten sech och d'Ecole privée Sainte-Anne (3000 €) an d'Soroptimiste vun Dikrich (300 €) un deem Projet bedeelegt.



Les commissions de l'égalité des chances d'Erpeldange/Sûre et de la « Nordstad » tiennent à remercier tous ceux qui ont contribué à l'« Action Rouge à lèvres » lancée lors de la journée internationale de la femme. 113 trousse de toilette bien remplies ont pu être distribuées aux femmes et jeunes filles des structures pour réfugiés de la « Nordstad », notamment à Ettelbruck, Diekirch et au « Mariendall ».

#### Bilan de la quête:

Total « Nordstad » : 7460€, dont 950€ de la commune d'Erpeldange/Sûre. A part les communes de la « Nordstad », le projet fut soutenu par l'Ecole privée Sainte-Anne d'Ettelbruck (3000€) et les Soroptimistes de Diekirch(300€).

### Mam Vëlo de Buurschter erop [17.09.2016] La montée de Bourscheid à vélo

Di 4. Editioun vun der populärer Biergcourse, organiséiert vun der UCN Ettelbréck mat de Gemenge Buurschent an Ierpeldeng/Sauer souwéi der « Fondation Kim Kirchen » hat och dëst Joer ee grousse Succès.

Et goufen 105 Virumeldungen an 100 Biker si mam Coursevélo a MTB iwwert d'Arrivée gefuer. Vainqueur mam Coursevélo gëtt de Lex Reichling mat engem neie Streckerekord vun 8.53.95 min. Mam MTB gewënnt de Pit Kirtz a 15.59.89 min.



# Aktivitéiten a Manifestatiounen

## Activités et manifestations

Organisée par la UCN Ettelbruck, les communes de Bourscheid et d'Erpeldange/Sûre ainsi que la « Fondation Kim Kirchen », la quatrième édition de la course contre la montre dans la montée de Bourscheid a connu son succès habituel. Sur 105 pré-inscriptions, 100 coureurs ont passé l'arrivée.



Résultats:  
**Coursevélo / Vélo de course**  
1. Reichling Lex (8.53.95)  
2. Leroy Antoine (9.13.71)  
3. Poos Christian (9.15.38)  
**MTB / VTT**  
1. Kirtz Pit (15.59.89) 2. Kirchen Leo (20.23.82)  
3. Schank Matis (21.07.81)

### Vélosdag am Sauerdall [18.09.2016] Journée du vélo dans la vallée de la Sûre



## Nationale Commemoratiounsdag [18.09.2016]

### Journée de la commémoration nationale

Och dëst Joer hate sech mat de Responsable vun der Gemeng an de Vertrieder vun de Veräiner eng Rei Bierger beim Monument aux Morts um lerpeldenger Kierfent afontt fir den Affer vun der Nazi-Herrschaft ze gedenken.

Nieft der Erënnerung un d'Leed an de Misär, deen di brutal Diktatur mat sech bruecht huet, weist de Buergermeeschter Claude Gleis op di onsécher aktuell Zäit hin, mat enger Flüchtlingsproblematik, Friemenhaass an Intoleranz déi däitlech un d'Situatioun vun 1939 erënneren a geféierleche rechtsradikale Stréimungen an Europa Opwand ginn.

« Wehret den Anfängen »! Hoffe mer, dass Toleranz, Solidaritéit an den europäesche Gedanken d'Iwwerhand behalen.

Ensemble avec les responsables de la commune et les représentants des sociétés, les citoyens de la commune se sont réunis au monument aux morts en l'honneur des victimes du nazisme.

Dans son discours, le bourgmestre Claude Gleis a lancé un appel à la tolérance afin de freiner le dangereux courant d'extrême droite, nourrie par le problème des réfugiés et une xénophobie croissante, en train de se propager à travers toute l'Europe.

« Il faut étouffer le mal dans l'œuf » ! Espérons que l'emporteront la solidarité et la pensée européenne.



### Scheckiwwerreechung vum Club des Jeunes [15.10.2016] Remise d'un chèque du Club des Jeunes Erpeldange

A Presenz vum Buergermeeschter Claude Gleis hunn d'Vertrieeder vum Club des Jeunes lerpeldeng e Scheck iwwerreecht un d'Stëmm vun der Strooss, vertrueden duerch d'Madame Tania Draut.

Et ass well eng Traditioun, dass déi Jonk d'Chrëschtbeemercher an eiser Gemeng no de Feierdeeg asammele ginn an sech iwwer all kleng oder grouss Spend freeën. Den Erléis ass all Joer fir e gudden Zweck. 2013/14 gouf e Scheck un ALAN iwwerreecht an 2014/15 un d'CROIX ROUGE.

Dëst Joer gi si fir den TELEVIE sammelen an dat

**Samschdes, de 7. Januar 2017  
ab 9.30 Auer zu  
Angelduerf, Bierden an lerpeldeng.**

En présence du bourgmestre Claude Gleis, les membres du CDJ ont remis un chèque de 1250€ à l'association « Stëmm vun der Strooss » représentée par Madame Tania Draut.

Depuis des années déjà, les membres du CDJ font la collecte des sapins dans la commune après les fêtes de fin d'année; leur quête est toujours au profit d'une œuvre sociale. En 2013/14 un chèque fut remis à ALAN, en 2014/15 à la Croix Rouge.


Cette année, ils feront la collecte pour TÉLÉVIE

**Samedi, le 7 janvier 2017 à partir  
de 9h30 à Ingeldorf, Burden et  
Erpeldange/Sûre.**




## Buddha-Ausstellung an der Völklinger Hütte [22.10.2016]

### Exposition « Bouddha » à la «Völklinger Hütte »



Op Initiative vun der Kulturkommissiouen konnten eng Partie intresséiert Bierger sech eng ganz speziell Ausstellung an der Völklinger Hütte ukucke goen: 2000 Joer buddhistesch Konscht mat herleche Konschtwierker, déi haapsächlech vu private Collectionneure fir dës Expositioun ausgeléint gi waren. Och de Site vun der Völklinger Hütte selwer, dee jo als Unesco-Weltkulturerbe klasséiert ass, war kuckeswäert, grad wéi d'Fotosausstellung iwwer de Buddhismus vum amerikanesche Photojournalist Steve Mc Curry.

Organisée par la commission de la culture, la visite de l'exposition « Bouddha » a permis aux intéressés d'avoir un aperçu approfondi de cet art religieux grandiose de l'univers bouddhique. Les 232 chefs-d'œuvre extraordinaires, pour la plupart en possession de collectionneurs privés, retracent 2000 ans d'art bouddhique à travers toute l'Asie. S'y ajoutait une impressionnante exposition de photographies du journaliste américain Steve Mc Curry sur le Bouddhisme et, bien entendu, le site fascinant de la « Völklinger Hütte », classé patrimoine culturel mondial, qui vaut à lui seul une excursion.



### Montage vu Julen [31.10.2016]

### Montage de perches pour oiseaux de proie

Op Initiative vun der Ierpeldenger Ëmweltkommissioun goufe bei Bierden Jule fir Gräifvigel opgeriicht.

Sur initiative de la commission du développement durable des perches pour oiseaux de proie furent montées près de Burden.



### Den Dag vum Bam [12.11.2016]

### La journée de l'arbre

Zesumme mat de Membere vum Syndicat d'Initiative hunn d'Vertrieeder vun der Ëmweltkommissioun an der Cité Longchamp zu Angelduerf 2 Routbiche gesat.

Ensemble avec les membres du Syndicat d'Initiative, les représentants de la commission du développement durable ont planté 2 hêtres rouges dans la cité Longchamp à Ingeldorf.



## Coupe Scolaire 2016 [22.06.2016]



Mëttwochs, den 22. Juni, gouf ennërt dem Patronage vun der Sécurité Routière d'Coupe Scolaire an eiser Gemeng organiséiert. Ennërt der Leedong vum Schoulcomité, a mat der Hëllef vun den Elteren vun der EIS asbl als Streckeposten, sinn d'Kanner vum Cycle 4 aus eiser Schoul ugetrueden. Op engem Parcours Gruefwee, rue du Cimetière, rue du Château, Porte des Ardennes, Dreieck, Rue Laduno an zeréck konnten si ennert reale Verkéierskonditiounen hiert Wëssen an d'Praxis emsëtzen. Well 3 Cyclisten ex aequo op di éischt Plaz koumen, huet d'Lous entscheet, datt de Loïc Dewans als Gewënner eis Schoul op der nationaler Finale vun der Coupe Scolaire, den 3. Juli zu Monnerech, dierf vertrieden.

Le mercredi, 22 juin, fut organisée l'édition communale de la Coupe Scolaire pour jeunes cyclistes, sous l'égide de la sécurité routière. Sous la direction du comité d'école et aidés par les membres de l'EIS asbl, les élèves du 4e cycle de notre école fondamentale ont pris le départ des épreuves. Sur un parcours Gruefwee, rue du Cimetière, rue du Château, Porte des Ardennes, Dreieck, Rue Laduno et retour, les jeunes cyclistes ont mis en pratique leurs connaissances, et ceci sous des conditions de circulation réelle. 3 élèves ont terminé ex aequo à la première place, de sorte que Loïc Dewans fut tiré au sort pour représenter notre école lors de la finale nationale de la Coupe Scolaire le 3 juillet à Mondercange.



## Scheckiwwerreechung un d'Fondation Autisme [15.07.2016] Remise d'un chèque à la Fondation Autisme Luxembourg

Am Kader vun eisem Schoulfest, de 15. Juli 2016, gouf den Erléis vum Verkaf vun de Vulleschäichen un d'"Fondation Autisme Luxembourg" (FAL) iwwerreecht.

All d'Klasse vum Schoulzentrum Ierpeldeng hunn iwwert 40 Vulleschäiche gebastelt, déi, verdeelt am Schlasspark, während der Ausstellung „Tendances Jardins“ vum 22.-24. Abrëll ausgestallt waren an zum Ofschloss versteet goufen.

Am Numm vun der Ierpeldenger Schoul wölle mir der Gemeng Ierpeldeng/Sauer villmoos MERCI soen, fir hir léif Ennerstëtzung bei eisem Projet « Vulleschäichen ». Si huet eis Recetten esou gutt « opgeronnt », datt mir um Schoulfest déi stolz Zomm vun 2.500 € un d'"Fondation Autisme" iwwerreeche konnten.

De President vun der Fondatioun, den Här Claude Schmit, huet d'Fondatioun kuerz virgestallt an erkläert, datt dës Suen agesat ginn, fir autistesche Kanner eng Vakanzekolonie ze erméiglechen, mat deem Encadrement, deen dës Kanner brauchen.

Ee grousse Merci am Numm vun der Fondatioun goungh un d'Schoulkanner, hiert Léierpersonal an déi Verantwortlech aus der Gemeng.

*Sylvie Heinen, Lucien Weis*

Dans le cadre de la fête scolaire le 15 juillet 2016, la recette de la vente des épouvantails bricolés par les élèves du „Schoulzentrum Ierpeldeng“ et mis aux enchères lors de l'exposition „Tendances Jardins“ du 22-24 avril 2016 a été remise à la „Fondation Autisme Luxembourg“ (FAL).

Les responsables du „Schoulzentrum Ierpeldeng“ tiennent à remercier la commune d'Erpeldange/Sûre pour le soutien de leur projet. En effet, grâce à la contribution généreuse de la commune, la somme de 2500€ a pu être remise à M Claude Schmit, président de la FAL. M Schmit a brièvement présenté la fondation et a précisé que le don du „Schoulzentrum Ierpeldeng“ servirait à offrir à des enfants autistes la participation à une colonie de vacances dans un encadrement approprié aux petits vacanciers.

La „Fondation Autisme Luxembourg“ a vivement remercié les élèves et les enseignants du „Schoulzentrum Ierpeldeng“ ainsi que les responsables de la commune d'Erpeldange/Sûre pour leur engagement et leur générosité.



## Besuch aus Kdyně (Tschechien) [03-07.10.2016]

In der Woche vom 3. zum 7. Oktober 2016 weilten 17 tschechische Schulkinder mit 2 Lehrerinnen aus unserer Partnerschule „Masarykova Základní Škola“ aus Kdyně zu Besuch bei uns im „Schoulzentrum Ierpeldeng“.

Die Schüler waren bei Gastfamilien logiert, denen wir hiermit ganz herzlich für ihre Mühe und Engagement danken möchten. Viel Interessantes und Lehrreiches wurden den Gästen von den Familien während ihres Aufenthaltes geboten. BRAVO an alle Beteiligten!!!

Neben einem Besuch der Stadt Luxemburg und der Stadt Trier (zusammen mit der Partnerschule Weiskirchen und 10 weiteren tschechischen Schülern), standen ein Europa-Quiz und ein Spaziergang durch und um Erpeldingen auf dem Programm.

Zum Abschied gab man sich das Versprechen, sich im Mai 2017 in Kdyně wieder zu treffen.

Yves Desbordes, Lucien Weis



**Den Dag vum Bam [10.11.2016]**

**La journée de l'arbre**



Am Kader vum « Dag vum Bam », deen offiziell den 12. November ass, hunn d'Schoulkanner vum Cycle 4 den 10. November änner Opsicht vun hiren Enseignanten a mat Hëllef vun de Gemengenaarbechter an der Impasse Bedigem zu Angelduerf eng Heck geplantzt.

Sous l'œil vigilant de leurs enseignants et aidés par les ouvriers de la commune, les élèves du cycle 4 du « Schoulzentrum Ierpeldeng » ont planté une haie dans l'impasse Bedigem à Ingeldorf. Cette action fut organisée par la commission du développement durable dans le cadre de la « Journée de l'arbre 2016 ».



## 100 Joer Edmond Lux [1916-2016]



*Edmon. Lux*

Den 19. Juni huet d'Gemeng Ierpeldeng/Sauer den honnertste Gebuertsdag vum Edmond Lux gefeiert, deen den 18. Juni 1916 als eelste Jong vum Schräinermeeschter Pierre Lux zu Ierpeldeng op d'Welt koum. Hien huet bis zu sengem Doud, den 21. September 2004 a sengem Heemechtsduerf gelieft a gewierkt.

Den Edmond Lux war Konschtprofesser, Moler Sculpteur, Grafiker an hat och eng poetesch Oder. No senger Première am Dikrecher Kolléisch 1935 huet hien an der « Technischen Hochschule » zu München, der « Académie des Beaux-Arts » zu Antwerpen a duerno an der « Ecole Nationale Supérieure des Arts Décoratifs » an der « Ecole Estienne » zu Paräis Konscht studéiert. Dass den « Duerfjong » an och nach Fils vun engem gestanenen Handwierks-meeschter sou enger « brotlosen Kunst » konnt nogoen war fir déi Zäit schonn aussergewéinlech an ass en Zeeche vun deem opgeschlossenen an tolerante Charakter vum Edmond Lux sengen Elteren.

Seng éischt Plaz krut den Edmond Lux 1939 an der « Ecole industrielle et commerciale », dem haitege « Lycée des garçons ». No bestanenem « Proffenexamen » am Februar 1941 gouf hien am Atheneum ugestallt, mee dat war vu kuerzer Dauer, well den Här Lux net « linientreu » war an hie gouf wéinst senger nazifeindlecher Haltung op Oochen un d'Kaiser-Karls-Gymnasium « strofversat ». Seng offiziell Ernennung als Konschtprofesser am Atheneum ass eréischt 1945 erfollegt, gouf awer réckwierkend op de Mäerz 1943 datéiert. Kuerz drop

koum den Edmond Lux op Dikrech an de Kolléisch wou hie bis zum Alter vu 65 Joer « Education artistique et esthétique » énnerrriicht huet.

Den Edmond Lux war bestuet mam Charlotte Gruber vun Ettelbréck (1950) a Papp vun 2 Kanner, dem Carlo an dem Jacqueline.

Edmond Lux est né à Erpeldange le 18 juin 1916 comme fils de maître-menuisier; il y est mort le 21 septembre 2004.

Après son baccalauréat passé à Diekirch en 1935 il entama ses études à la « Technische Hochschule » à Munich, pour continuer à l'« Académie des Beaux-Arts » à Anvers, puis à l' « Ecole Supérieure des Arts Décoratifs » et à l'« Ecole Estienne » à Paris.

Depuis octobre 1939, Edmond Lux a enseigné l'éducation artistique à l'« Ecole de Commerce et de l'Industrie » à Luxembourg. Il a eu sa nomination comme professeur à l'Athénée à Luxembourg-ville, le 27 janvier 1945, mais quelques mois plus tard il fut nommé au Lycée classique de Diekirch où il a enseigné l'éducation artistique jusqu'à sa retraite en 1981.

Marié à Charlotte Gruber depuis 1950, Edmond Lux a été père de deux enfants, Carlo et Jacqueline.

Comme sculpteur, graphiste, peintre et poète Edmond Lux s'est fait une réputation sur le plan local aussi bien que sur le plan national.

Le Syndicat d'initiative honore Monsieur Edmond Lux en tant que président-fondateur qui, ensemble avec quelques citoyens engagés, a créé le « Syndicat d'Initiative Erpeldange » en novembre 1966.



# Aus eiser Geschicht

## Page historique

Als Sculpteur, Grafiker, Moler an Dichter huet den Ierpeldenger Kënschtler sech net némmen op lokalem, mee och op nationalem Plang grouss Unerkennung verschaf. Monumenter a Skulpturen, Relieffer a Figuren aus Marmor, Bronze, Schiefer, Holz, Steen a Stol gehéieren zu senge Wierker grad ewéi Tableauen, Fändelen, Wopen, Kierchefénsteren oder Objeten aus Parzeläin a Leem. Fir d'Studente vun


de Premièresklassen aus dem Dikrecher Kolléisch huet den Edmond Lux all Joer ee klengen Objet kreéiert, deen si als Souvenir mat op de Wee kruten. A wéi hien 1981 a Pensioun goung, huethie seng Kollegen op sain Abschied invitéiert mat engem wäisse Marmorsteen op deem énner anerem stoung : « *Et ass de leschte Steen den ech Dir nach an de Wee leën* ».




Wa vum Edmond Lux och uechter d'ganzt Ländche Wierker ze fanne sinn, sou stinn dach di meeschte vu senge Kreatiounen a sengem Heemechtsduerf selwer oder an der Ëmgéigend.



1964: « Monument aux Morts » um Ierpeldenger Kierfent als Erënnerung un d'Refractairen an d'Zivilaffer aus der Gemeng. Monument aux morts en mémoire des victimes du régime nazi.



1985: Mariefigur aus Bronze, 1985 vun der Mrs O'Connell-Reiff aus Chicago gestéft, op Wonsch vun hirer Mamm, déi 1865 zu Ierpeldeng gebuer gouf a spéider an Amerika ausgewandert wor. La madone en bronze, offerte à la commune d'Erpeldange en 1985 par Mrs O'Connell-Reiff de Chicago à la demande de sa mère, née à Erpeldange en 1865 et qui a émigrée aux Etats-Unis.



1986 : D'Morgue um lerpeldenger Kierfecht.  
La chapelle ardente au nouveau cimetière d'Erpeldange/Sûre.



1991 : D' « Blot Kräiz » mam Sonnegesank vum Hl Franz von Assisi.  
La « Croix bleue » avec le Cantique des Créatures de Saint François d'Assise.



1995 : Zu Éiere vun der Grande-Duchesse Charlotte léisst den lerpeldenger Gemengerot 1995 am Schlasspark een Denkmal oprichten.

Monument en souvenir de la Grande-Duchesse Charlotte au parc du château d'Erpeldange.



1997 : E lescht Monument, a Steen a Bronze, huet de lokale Kënschtler fir de Paschtouer Alphonse Lutgen geschaf, deen 1996 gestuerwe war.

Monument en pierre et bronze en souvenir du curé d'Erpeldange, Monsieur Alphonse Lutgen, mort en 1996.

Ze bemierke bleift nach, dass den Edmond Lux och Grënnungspresident vum lerpeldenger Syndicat d'Initiative war. De 27. November 1966 huet hien zesumme mat e puer engagéierte Bierger aus der Gemeng de « Syndicat d'Initiative Erpeldange » gegrënnt a war bis 1970 President vum Veräin.

Den Edmond Lux war ouni Zweiwel ee villsäitege Mensch, impulsiv, jovial an humorvoll, motivéiert an engagéiert - wann och net émmer ganz einfach - exzentresch an deelweis egozentresch, mat engem ausgeprägte Sënn fir dat Schéint, an enger Begeeschterungsfäegkeet, déi bis zur Extas konnt

goen, - e Kënschtler eben. Säi Centenaire huet vlächt deem engen oder aneren d'Geleeënheet ginn hie kennenzeléieren oder sech erém op hien ze besënnten. Wat hien hannerlooss huet, ass Zeechnés vu senger Kreativitéit, sengem kënschtlereschen Talent, sengem Engagement a senger Léift zu deem, wat hie geschaf huet.

Bingen Marie-Jeanne

Quellen : Brochure « Edmond Lux-Liewe fir d'Konscht »  
Brochure : 150 ans de la Commune d'Erpeldange

### BRËTELSPIANISTEN ANGELDUFERF

No 16 Joer hält den Här René Hübsch als President op



Dëse Veräin vu begeeschterten Akkordeon-Spiller gouf den 12. November 1982 gegrënnt.

Wann een d’Geschicht vum Veräin recherchéiert, stéisst een op 18 prall gefällte Classeuren an et fält op, dass souwuel beim Virstand ewéi och bei de Musiker vill Wiessel war. Déi éischt 18 Joer waren et 5 Presidenten an déi lescht 16 Joer stung den Här René Hübsch un der Spëtzt vun den Angelduerfer Brëtells pianisten.

D’Nimm vun de Presidenten:

Erny LINSTER (1982 – 1985)  
Alfred LUDWIG (1986 -1989)  
Nic GARSON (1990 -1992)  
Margot DEGRAND-SCHILLING (1992-1997)  
Marcel SCHAUS (1997-1999)  
René HÜBSCH (2000- bis haut)

Den Här Erny Lucas war vun Ufank un, bis haut, den Dirigent an domat déi dreiwend Kraaft an d’Séil vun dësem Veräin an der Gemeng lerpeldeng. Den Här René Hübsch huet awer als President déi lescht 16 Joer d’Akkordeonisten zesummegehal a geleet.

Et gëtt am Ganzen némmen 3 Harmonikasveräiner am Land, 1 an der Stad Lëtzebuerg, 1 zu Esch/Uelzech an deen hei zu Angelduerf. D’Membere koumen dofir

all déi Joren net némmen aus eiser Gemeng oder aus dem Raum Nordstad, mä och aus de Kantone Klierf, Miersch a Réiden, also praktesch aus dem halwe Land.

Trotz dësem heterogene Rekrutement war den Angelduerfer Akkordeonsveräin awer émmer gutt am Duerfliewen integréiert. Hie war laang Jore bei allen offizielle Manifestatiounen vertrueden an huet an der Zäit och regelméisseg Concerten zu Angelduerf, zu Bierden an zu lerpeldeng gespillt. Domat ass e bis elo eng kulturell Beräicherung fir eis Gemeng gewiescht.



3<sup>ème</sup> journée de l'accordéon 27.11 1994

Am Ufank waren d’Akkordeonscoursen am Sall vun der aler Angelduerfer Schoul, deen 1977, nodeems déi lescht Klass an d’Zentralschoul op lerpeldeng geplënnert war, eidel stung.

Schonn no 5 Joer, 1987, war de Veräin op 16 Spiller/innen ugewuess. Beim UGDA-Concours, de 15. Mee 1988 zu Esch/Uelzech, hunn d’Angelduerfer Brëtells pianisten den „1er Prix“ mat 482 Punkten (vun 540 méiglechen) kritt.

Concerte goufen net némmen hei am Land, mä och am noen Ausland gespillt. Zum Beispill zu Verdun an op der Burg Ranis an Thüringen hunn eis Akkordeoniste grouss Erfolger gefeiert.

Den dynamicsche Veräin huet 1991 zu lerpeldeng en internationalen Akkordeonsfestival organiséiert.


Am Joer 1995 gouf hei zu lerpeldeng déi „4e Journée de l’Accordéon“ énnert dem Patronage vun der UGDA organiséiert.

1999 si weider 12 Schüler/Musiker dem Veräin offiziell bägegetrueden.

Eréischt 2001 koum et zur Trennung vun der Ausbildung vu jonke Musiker an der Veräinsaktivitéit (Prouwen, Concerten.) Den Erny Lucas blouf fir d'Leedung zoustänneg an den Daniel Gruselle war am Kader vun der UGDA-Musekschoul fir d'Formatiou verantwortlech.

Mat dem neie Proufsall am neie Kulturzentrum zu Angelduerf goufen déi materiell Viraussetzunge fir d'Musiker vill besser.

En Héichpunkt war erreecht, wéi den 10. Mäerz 2002 de Fändel „Angelduerfer Brëtells pianisten“ feierlech ageweit gouf. E beandrockende Fändel, wou di eng Säit en Akkordeon drop ass, an di aner Säit d'Angelduerfer Kierch mat der Sauer.



Den 2. Juni 2002 war bei der Feier fir de Fändel e Concert op héijem Niveau vu 4 Orchestren, dovun 3 aus Frankräich an Däitschland mat engem Total vun 100 Musiker, déi engem breede Publikum populär awer och klassesch Stécker gebueden hunn.

Déi lescht Joren awer hunn émmer manner Musiker an den Angelduerfer Brëtells pianisten regelméisseg un de Prouwen a Concerten deelgeholl. De Moment besteht de Club nach just aus 5 Harmonikasspiller, engem Gitarist, dem Dirigent a 5 Comitésmemberen. D'Brëtells pianisten hunn och kee Batteur méi.

D'Musiker hunn zesumme mam Comité decidéiert, fir op de Wee vun enger Émstrukturéirung ze goen. Iwwert dës Ännerung wäert an der nächster Generalversammlung ofgestëmmt ginn, jiddefalls wäerten d'Brëtells pianisten Angelduerf weider an der Gemeng lerpeldeng als kleng Asbl. bestoe bleiwen an och all Joer hiren traditionelle Concert zu Angelduerf um Camping spiller.

De Comité huet dunn den 21. Oktober beschloss sech opzeléisen, well den Här René Hübsch no all deene Joren hei seng verdéngte Pensioun hëlt.

Den Här René Hübsch war während senger laanger Carrière als Politiker an der Chamber an an der Gemeng lerpeldeng och an der UGDA an als President vun der Ettelbrécker Musek aktiv. Sain Depart bei de Brëtells pianiste bedait fir dëse Veräin elo eng nei Erausfuerderung fir d'Zukunft.

Romain Pierrard



Vu lénks no rechts: Erny Lucas (Dirigent), René Hübsch (President), Josée Arendt (Member), Malou Bartholmy-Antony (Sekretärin), Soheyela Morshedian (Member), Camille Scheuer (Tresorier)

### Niwwel, Niwwel ...

Niwwel, Niwwel ... alles ass am Niwwel. Dee Saz erënnert mech un eist däitscht Liesbuch aus der Primärschoul, dat mat dése Wieder ugefaangen huet.

Jo, den Niwwel ass e richtegen Zauberer. En daucht eis Dierfer an eis Landschaften an eng rätselhaft, jo bal gespenstesch Stëmmung. E läit wéi e Voile iwver der Natur. Villes gesäit een dann nach just verschwommen. Et ass wéi ee Flom oder een Donst, deen d'Natur duuss beréiert a si ausgesi léisst wéi wann si réischt just erschafe gi wier.

Hei, op eemol daucht d'Sonn am Niwwel op. E grellt, mä waarmt Liicht dréckt duerch d'Möllechzopp. Donsteg Wollekefatze fléie laanscht eis a maache lues a lues Plaz fir den hellen Dag an deem alles am Sonneliicht glénnert.





# Photoreportage

## Reportage photos



Ma géint der Owend leet sech den Niwwel rëm wéi e Schleier iwver den Dall. Et mengt een, et wier een an enger Wäschkichen an där ee bal seng eegen Hand net méi virun der Nues erbléckst.

Niwwel, Niwwel ... alles ass am Niwwel. Loosse mer eis vum deem Niwwel an eng Welt versetzen, déi eis dreeme léisst.



Jo, den Niwwel ass wierklech sou eppes wéi e Magier. Je no Loscht a Laun weist hien eis just dat, wat hien eis wëll kucke loessen. Sou entsteet eng apaart Stëmmung, eng seele Spannung an där ee bal menge kéint, Äerd an Himmel géif en aneneen iwwergoen.

André Bauler



# Manifestatiounskalender

## *Calendrier des manifestations*

18/12/2016	Chrëschtconcert an der Parkierch zu lerpeldeng/Sauer - Concert de Noël à l'église paroissiale d'Erpeldange/Sûre	Concordia
23/12/2016	Chrëschtmaart am Centre Culturel zu lerpeldeng/Sauer - organiséert vum Schoulzentrum lerpeldeng - Marché de Noël	Schoulzentrum lerpeldeng
25/12/2016	Chrëschtnuecht - Bal de Noël	CDJ lerpeldeng
07/01/2017	Chrëschtbamaktion : Haus zu Haus Asammlung an der Gemeng lerpeldeng/Sauer - Ramassage des arbres de Noël	CDJ lerpeldeng
27/01/2017	Assemblée Générale	S.I. lerpeldeng
28/01/2017	Porte Ouverte a Préiwe vun de Feierläscher zu Angelduerf am Pompjeesbau - Contrôle des extincteurs	Angelduerfer Pompjeeën
29/01/2017	Après-Ski Party an der Buvette vum FC 72 lerpeldeng (ab 16.00 Auer) - Après-Ski Party à la buvette du FC 72 lerpeldeng (à partir de 16.00)	FC 72 lerpeldeng
05/02/2017	Assemblée Générale	Angelduerfer Pompjeeën
11/02/2017	Kannerfuesbal am Centre Culturel zu lerpeldeng/Sauer - Bal masqué pour enfants au centre culturel d'Erpeldange/Sûre	FC 72 lerpeldeng
03/03/2017	Assemblée Générale	Concordia
04/03/2017	Buergbrennen zu Angelduerf	Angelduerfer Pompjeeën
05/03/2017	Buergbrennen zu lerpeldeng/Sauer	Concordia
05/03/2017	Ierbessebulli zu Angelduerf am Pompjeesbau	Angelduerfer Pompjeeën
11/03/2017	Second-Hand Maart fir Kanner vun 0 - 12 Joer - Marché Second-Hand pour enfants de 0-12 ans	Hobbyclub lerpeldeng
18/03/2017	Grouss Botz an der Gemeng lerpeldeng/Sauer - Nettoyage de printemps dans la commune d'Erpeldange/Sûre	Ëmweltkommissioun
19/03/2017	Thé Dansant am Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden	Ligue HMC
24/03/2017	"Audition - Remise des diplômes de l'Ecole de Musique" am Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden	Concordia
31/03/2017	Kölner Owend zu Dikrech an der Aaler Seeërei	FC 72 lerpeldeng
21.-23.04.2017	Tendances Jardins am Schlasspark zu lerpeldeng /Sauer	Bas Schagen / Entente des sociétés / Schoulzentrum lerpeldeng
22.-23.04.2017	Hämmelsmarsch zu Angelduerf	Concordia
29/04/2017	Galaconcert am Centre Culturel zu lerpeldeng/Sauer	Concordia

# Manifestatiounskalennner

## Calendrier des manifestations

30/04/2017	Kommioun zu lerpeldeng/Sauer an Angelduerf - Fête de la première communion à Erpeldange/Sûre et Ingeldorf	
01/05/2017	Fussball - Jugendturnéier zu lerpeldeng/Sauer - Tournoi de foot pour jeunes à Erpeldange/Sûre	FC 72 lerpeldeng
21/05/2017	Trëppeltour zu lerpeldeng/Sauer Randonnée à Erpeldange/Sûre	S.I. lerpeldeng
25/05/2017	Landjugenddag an der Gemeng lerpeldeng/Sauer mat Bal am Centre Culturel zu lerpeldeng/Sauer - Journée de la "Landjugend"	Landjugend Dikrech
28/05/2017	Maart am Schlasspark - Marché au parc du château	Hobbyclub lerpeldeng
18/06/2017	Museksdag am Birckelshaff zu lerpeldeng/Sauer - Journée de la musique au Birckelshaff à Erpeldange/Sûre	Concordia
22/06/2017	Te Deum a Fakelzuch - Te Deum et retraite aux flambeaux	Gemeng / S.I. lerpeldeng



### D'Gemengeverwaltung | L'administration communale

Tél. 81 26 74 1

Fax: 81 97 08

Adresse: 21, Porte des Ardennes  
L-9145 ERPELDANGE/SÛRE

Adresse postale: B.P. 39 L- 9001 Ettelbruck

Site Internet: [www.erpeldange.lu](http://www.erpeldange.lu)

#### Heures d'ouverture:

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	7.30-11.30	7.30-11.30	fermé	7.30-11.30	7.30-11.30
après-midi	13.00-18.00	13.00-16.30		13.00-16.30	13.00-16.30

#### Numéros de téléphone utiles:

##### COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

GLEIS Claude, bourgmestre 621 73 45 46  
LEIDER Gilbert, échevin 621 35 64 84  
PIERRARD Romain, échevin 661 80 29 93

##### SECRÉTARIAT

TROES Paul, secrétaire communal 81 26 74 301  
WEIS Yves, rédacteur 81 26 74 305  
MANUELLI Carole, rédacteur 81 26 74 311

##### BUREAU DE LA POPULATION

MELCHIOR Claude, expéditionnaire 81 26 74 304  
EVEN Claude, rédacteur 81 26 74 314

##### RECETTE

KREMER Carlo, receveur communal [recette@erpeldange.lu](mailto:recette@erpeldange.lu)  
812674 307

##### SERVICE TECHNIQUE

Adresse: 120, Porte des Ardennes  
L-9145 ERPELDANGE/SÛRE  
Adresse postale: BP 39 L-9001 Ettelbruck  
Fax: 26 81 06 51 23

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	sur R.-V.	9.00-11.30	sur R.-V.	9.00-11.30	sur R.-V.
après-midi		sur R.-V.		sur R.-V.	

SCHMITT Robert, ingénieur-technicien 26 81 06 51-21

KLEIN Sandy, ingénieur-technicien 26 81 06 51-22 (seulement les matins)

##### ATELIER COMMUNAL

Adresse: 9, rue Gruefwee  
L-9147 ERPELDANGE/SÛRE  
DE KROON Romain, ouvrier dirigeant 26 81 06 50 / 621 35 27 17



De Schäffen- a Gemengerot zesumme mat der Gemengeverwaltung  
an der Redaktiounsequipe vun der Klack wünschen allen Awunner

*schéi Feierdeeg an  
e glécklecht neit Joer 2017 !*

Le collège des bourgmestre et échevins, le conseil communal,  
l'administration communale, ainsi que le comité de rédaction de la chronique communale  
souhaitent à tous les citoyens de la commune de

*joyeuses fêtes de fin d'année et  
une bonne et heureuse année 2017 !*

